



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Lëtzebuergesch Versioun vum *Système éducatif* (Men.lu)

Enseignement fondamental - Grondschooul

Grondschoul

| | |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|----|
| Grondschoul..... | 2 |
| Grondschoul..... | 4 |
| Grondschouldirektiounen | 5 |
| D'Aufgabe vun de Grondschouldirektiounen | 5 |
| Schoulesch Offer an Organisatioun | 6 |
| Schoulesch Offer | 6 |
| Ëffentlech Grondschoulen | 6 |
| Privat an international Schoulen..... | 6 |
| Organisatioun..... | 7 |
| Aschreiwung an d'Schoul vun der Gemeng | 7 |
| Organisatioun an Zyklen | 7 |
| Zoustännegkeete vun de Gemengen a vum Staat..... | 7 |
| D'Akteuren am Grondschoulwiesen | 8 |
| Léieren an Evaluéieren | 9 |
| Léieren | 9 |
| Am 1. Zyklus..... | 9 |
| An den Zyklen 2 bis 4 | 9 |
| Differenzéierung | 10 |
| Evaluéieren | 10 |
| Den Bilan intermédiaire | 10 |
| Den Ofschlossbilan vum Léierzyklus..... | 11 |
| Iwwergang vun der Grondschoul an d'Sekundarschoul | 12 |
| D'Roll vun den individuelle Gespréicher | 12 |
| Déi gemeinsam Orientéierungsdecisioun..... | 12 |
| Am Fall vun engem Desaccord | 12 |
| D'Aschreiwung am Lycée | 13 |
| Schoul an Elteren als Partner | 14 |
| Verriedung | 14 |
| Schoulpersonal | 15 |
| Wéi eng Konditiounen mussen erfëllt sinn, fir Enseignant an der Grondschoul ze ginn? | 15 |
| Aschreiwung fir d'Virbereedend Prüfung..... | 18 |
| Organisatioun vum Concours, deen den Zougang reegelt zu de Stagen, déi op de Beruff vum Enseignant virbereeden | 18 |
| Recrutement vun Titulairë vun engem Bachelor mat Bezuch zu den Ziler vun der Grondschoul.... | 19 |
| Zilsetzung vun der Grondschoul..... | 19 |
| Zilgrupp..... | 19 |
| Recrutementsprozedur | 20 |
| Remarken | 21 |
| Berufsaussichten | 21 |

| | |
|------------------------------------------------------------------|----|
| Aarbechtspensum..... | 21 |
| Formatiounen | 21 |
| Zäitplang fir déi theoretesch Formatioun..... | 22 |
| Eng praktesch Formatioun | 22 |
| Evaluatioun vun den theoreteschen a praktesche Formatiounen..... | 22 |
| Méiglech Fräistellungen | 23 |
| De Formatiounszyklus um Ufank vun der Carrière vum Employé | 23 |
| Recrutement vun de Remplaçants temporaires | 23 |

Grondschoul

Zu Lëtzebuerg gëtt den *Enseignement fondamental* (Grondschoulunterricht) vun öffentleche Schoulen, Privatschoulen oder internationale Schoulen assuréiert.

Déi öffentlech Grondschoul ass fir Kanner vun dräi bis eelef Joer. Dës néng Schouljore sinn a véier Léierzyklen opgedeelt. All Kand, dat zu Lëtzebuerg wunnt a bis den 1. September véier Joer huet, muss an d'Grondschoul. Den Zyklus 1 besteet aus dem Precoce (3 bis 4 Joer) an dem Précolaire (4 bis 5 Joer), woubäi de Precoce fakultativ ass. D'Zyklen 2 bis 4 (6 bis 11 Joer) entspreche der fréierer Primärschoul.

Eis Gesellschaft verännert sech permanent; eis Kanner si mat villen Erausforderunge konfrontéiert, wat hir Zukunft betrëfft: Si mussen ëmmer méi wëssen, sinn enger Villfalt vun Informatiounen ausgesat, mussen sech mat neien Technologien an dem Multikulturalismus auseenansetzen.

Déi vill verschidde Sproche vun den Awunner zu Lëtzebuerg, d'Traditioun vun der Dräisproochegkeet zesumme mat den ënnerschiddlechste Familljekonstellatiounen féieren zu ëmmer méi héijen Erwaardungen un d'Schoul.

D'Grondschoul muss all Kand dat Gepäck mat op de Wee ginn, mat deem et säi Liewe ka maachen. Duerfir mussen d'Methoden an d'Inhalte de Besoine vun all Kand ugepasst sinn, wat zu enger kompetenzbasierter Approche féiert. D'Grondschoul férdert d'Zesummenaarbecht vun allen Akteuren a stüpt sech op déi fachlech Kompetenz vum Léierpersonal.

Grondschoouldirektiounen

D'Inspektioun vun de Grondschooule läit an den Hänn vu **fofzéng Grondschoouldirektiounen**, déi allkéiers vun engem Direkter an zwee bis véier stellvertriedenden Direktere geféiert ginn. Zu hiren Aufgabe gehéiert déi **administrativ a pedagogesch Gestiou** vun de Schoulen, ma och **d'Koordinatioun** vun der Betreierung vu Schüler mat spezifesch Besoinen.

D'Grondschoouldirektioune sinn iwwer d'ganz Land verdeelt, no engem Schlëssel, deem d'Zuel vun de Schüler, den Enseignanten, de Schoulen, de Gemengen, d'Distanz tëschent de Schoulen, asw. berücksichtegt.

Als regional Akteure kënnen d'Direktiounen d'Ressourcen an d'Personal méi adäquat no de jeeweilege Besoine vun de Schoulen an der lokaler Bevëlkerung verdeelen. Déi regional Struktur erméiglecht och e besseren **Erfarungs- an Informatiounsaustausch** tëschent de Schoulen, wat der schoulescher Qualitéit zegutt kënn.

An all Direktioun ass ee vun de stellvertriedenden Direkteren zoustänneg fir d'Betreierung vun de **Schüler mat besonneschem Förderbedarf**. Him ënnersteet d'Kommissioun fir Inklusioun. **D'Fachpersonal fir d'Ënnerstëtzung vun de Schüler mat besonneschem Förderbedarf oder spezifesch Besoinen (ESEB)** ass den Direktiounen ugeschloss.

Eng Mediationsunitéit, déi vun engem Member vum Léierpersonal oder engem Erzéier bei Konfliktsituatiounen mam zoustännegen Direkter kann dozougéhol ginn, gëtt geschaf.

D'Aufgabe vun de Grondschoouldirektiounen

D'Grondschoouldirektioune këmmere sech ëm:

- déi administrativ a pedagogesch Gestiou vun de Schoulen an hirer Regioun,
- d'Berodung an d'Begleedung vum Fachpersonal,
- déi berufflech Integratioun vun de jonke Léierkräften an Erzéier,
- d'Relatiounen tëscht de Léierkräfte bannent de Schoulen an d'Relatiounen tëscht Schoul a Schüler resp. Schoul an Elteren.

No Récksprooch mat de Presidente vum jeeweilege Schoulcomité kënnen d'Grondschoouldirektiounen:

- schoulesch Integratiounsmoosnamen organiséieren,
- d'Ëmsetzung vum jeeweilege Schoulentwécklungsplang iwwerwaachen,
- d'Prioritéite festleeën a puncto berufflech Weiterbildung vun den Akteuren, virun allem am Hibleck op eng effektiv a vertrauensbaséiert Zesummenaarbecht tëscht de Schoulen an den nonformelle Betreierungsstrukturen.

Schoulesch Offer an Organisatioun

Schoulesch Offer

Nieft den ëffentleche Grondschoule ginn et privat Grondschoulen, déi deen nammlechte Schoulprogramm hunn ewéi déi ëffentlech Schoulen, vum Staat subventionéiert privat Grondschoulen, déi en anere Schoulprogramm hunn, a Privatschoulen, déi op enger privater Initiativ baséieren a keng Subventionne kréien.

Ëffentlech Grondschoulen

Lëtzebuerg huet 157 ëffentlech Grondschoulen, déi iwwer déi [102 Gemenge vum Land](#) verdeelt sinn.

Vun deenen ëffentleche Grondschoule bidde vereenzelter **alternativ pedagogesch Konzepter** un.

Dat sinn:

- [Eis Schoul](#), inklusiv Schoul, um Stater Kierchbiereg,
- [Ganzdaagsschoul Jean-Jaurès](#), zu Esch-Uelzecht
- [Villa Mirabella](#), Ganzdagsschoul, zu Woltz.

Déi **international ëffentlech Schoul** [École internationale de Differdange et d'Esch-sur-Alzette](#) (EIDE) funktionéiert nom **System vun den Europaschoulen**, wat de Programm, d'Promotiounskriterien an de Stonneplang betrëfft. Si steet jiddwer Schüler op, d'Aschreiwung kascht näischt. Ugebuede gëtt eng europäesch Grondschoulausbildung vu fënnef Joer an enger franséischsproocheger an an enger engleschsproocheger Sektioon. Duerno kënnen d'Schüler op e Lycée goen, deen zum europäesche BAC féiert.

Dräi weider international Schoulen, an zwar zu Klierf, Jonglënster a Munneref, hunn hir Diere fir d'Rentrée 2018/2019 opgemaach; si funktionéieren nom Modell vun den unerkannten **Europaschoulen**. Déi international Schoulen zu [Jonglënster](#) an zu [Munneref](#) si Grondschoulen (kuckt och [hei](#)).

De [Lycée Michel Lucius](#) bitt **engleschsproocheg Klasse** fir d'Grondschoul un.

Privat an international Schoulen

Déi privat Schoul [Notre-Dame](#) (Sainte-Sophie) bitt Klassen u mam selwechte Programm wéi déi ëffentlech Schoulen zu Lëtzebuerg, awer och Klassen – vun 2–4 Joer bis CM2–, déi den offizielle franséische Programm enseignéieren.

Déi privat Grondschoulen hei ënnendrenner fueren net nom offizielle Lëtzebuerger Programm, ginn awer staatlech subventionéiert:

- [École Charlemagne](#)
- [École française de Luxembourg](#) (EFL)
- [École Maria Montessori](#)
- [Fräi-ëffentlech Waldorfschoul Lëtzebuerg](#)
- [International School of Luxembourg](#) (ISL)
- [Over The Rainbow](#)
- [St. George's International School Luxembourg](#)
- [École Montessori Schule, Habscht](#)

Des Weidere ginn et nach d'Spill- a Primärschoule vun den zwou Europaschoulen zu Lëtzebuerg: d'[École européenne de Luxembourg I](#) um Kierchbierg an d'[École européenne de Luxembourg II](#) zu Mamer.

Organisatioun

Zu Lëtzebuerg sinn esouwuel de Staat wéi och d'Gemenge responsabel fir d'Grondschoul a schaffen zesummen am Enseignement an der Betreiwung vu méi wéi 55 700 Kanner, déi am Prinzip tëschent dräi an eelef Joer al sinn.

D'Organisatioun vun der Grondschoul ass duerch d'Gesetzer vun 2009 an 2017 grondleeënd erneiert ginn.

Aschreiwung an d'Schoul vun der Gemeng

Déi ëffentlech Grondschoulen huele Kanner vun dräi bis eelef Joer un. All Kand, dat zu Lëtzebuerg wunnt a bis den 1. September véier Joer huet, muss an d'Grondschoul.

Kanner, déi bis den 1. September dräi Joer al sinn, kënnen, wann d'Elteren dat gär hätten, eng Klass vum Precoce besichen. D'Gemenge bidden alleguer dëst fakultatiivt Joer un. Am Prinzip ginn d'Kanner um Ufank vum Schouljoer opgeholl. Verschidde Gemengen erlaben et awer, datt d'Kanner eréischt um Ufank vum 2. oder 3. Trimester an de Precoce kommen. D'Eltere kréien de Formulaire, fir hiert Kand unzemellen, vun der Gemeng.

D'Gemeng mellt d'Kand automatesch do an der Schoul un, wou d'Kand wunnt.

Elteren, déi während dem Schouljoer an d'Gemeng plënnere, mussen direkt [d'Gemeng, an där de Wunnsätz läit](#), kontaktéieren.

Organisatioun an Zyklen

D'Grondschoul ass a véier Léierzyklen agedelt.

Den 1. Zyklus, deen der Fréierzéiung entsprécht, dauert an der Reegel dräi Joer an adresséiert sech u Kanner vun dräi bis fënnf Joer. Dat éischt Joer (Precoce) ass fakultativ.

D'Zyklen 2 bis 4 entsprechen der Primärschoul.

- Den 2. Zyklus betrëfft Kanner vu 6 bis 7 Joer.
- Den 3. Zyklus betrëfft Kanner vun 8 bis 9 Joer.
- De 4. Zyklus 4 betrëfft Kanner vun 10 bis 11 Joer.

All Léierzyklus dauert am Prinzip zwee Joer. Um Enn vun all Zyklus muss d'Kand déi betreffend Kompetenzsockelen, d. h. d'Léierziler, erreicht hunn, fir säi schoulesche Parcours am nächsten Zyklus kënne fortzetzen.

An Ausnahmefäll kann e Schüler en Zyklus an engem Joer absolvéieren oder awer dräi Joer am Zyklus bleiwen, fir d'Kompetenzsockelen ze errechen.

Dës Organisatioun erlaabt méi eng flexibel Gestaltung vun de Léierprozesser.

Zoustännegkeete vun de Gemengen a vum Staat

D'Gemenge stellen déi fir den Enseignement fondamental néideg Infrastrukturen an Ekippeementer zur Verfügung. Si sinn zoustänneg fir d'Schoulorganisatioun. Si geneemegen de Schoulentwécklungsplang.

Zënter 2009 gëtt d'Léierpersonal vum Staat ernannt an dann enger Gemeng zougedeelt.

De Staat gëtt all Gemeng déi néideg Ressourcen a Form vun Unterrechtsstonnen. Aus Grënn vun der sozialer Gerechtegkeet gëtt de sozioökonomeschen Ënnerscheeder vun de Gemenge Rechnung

gedroe bei der Verdeelung vun dësen Unterrechtsstonnen: de Stonnekontingent (fir méi iwwer de Kontingent gewuer ze ginn, kuckt hei: [L'enseignement fondamental : descriptif détaillé](#)).

D'Akteuren am Grondschoulwiesen

D'Grondschoule si fofzëng regionalen Direktiounen zougedeele.

Un der Spëtz vum all [Direktioun](#) stinn en **Direkter** a seng bäiguerdent **Direkteren**. Si sinn déi hierarchesch Cheffe vun den Enseignanten an d'Uspriechpartner vun den Elteren, sollt et Problemer ginn.

All Klass huet eng Léierpersoun, déi fir dës Klass an der Haaptsaach zoustänneg ass: den **Titulaire**. D'Léierpersonal an d'Erzéier, déi fir d'Klasse vun deem selwechten Zyklus an enger Schoul zoustänneg sinn, bilden **d'pedagogesch Ekipp** vum Zyklus. All Titulaire behält awer seng Responsabilitéit vis-à-vis vun de Kanner vu senger Klass. D'Reunioune vun der Ekipp gi vum **Koordinator vum Léierzyklus** gëiert. D'Ekipp soll sech un der schoulescher Entwécklung vun hirer Schoul nom Schoulentwécklungsplang (PDS – plan de développement de l'établissement scolaire) bedeelegen.

All Schoul huet e **Schoulcomité**, dee vun de Membere vum Personal aus hirer Mëtt gewielt gëtt. De **President vum Schoulcomité**, op fënnf Joer gewielt, suergt fir e gudde Fonctionnement vun der Schoul an ass fir d'Relatiounen mat der Gemeng an den Eltere vun de Schüler zoustänneg.

Et besteet e regelméisseg Kontakt zu den [Elteren](#), deen indispensabel ass fir d'Motivatioun an d'Fortschrëtt vum Schüler.

Fir déi Schüler z'ënnerstëtzen, déi eng besonnesch Betreiwung an der Klass brauchen, ginn déi nächst véier Joer 150 **Enseignante recrutéiert, déi spezialiséiert si fir Schüler, déi besonnesch musse gefërdert ginn (I-EBS - instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins spécifiques)**. Dës Schoulpersonal kënnen direkt an de Schoulen zum Asaz.

Am Fall vu Schüler mat besonnesche pedagogesche Besoine kann d'**Fachpersonal fir d'Ënnerstëtzung vun de Schüler mat besonneschem Förderbedarf (ESEB - Équipe de soutien des élèves à besoins spécifiques)** d'Schoulpersonal an déi betreffen Eltere beroden. Dës spezialiséiert Ekipp kann och eng ambulante Betreiwung assuréieren oder der Kommissioun fir Inklusioun roden, eng spezialiséiert Institutioun zouzezéien.

D'ESEB kann aus Léierpersonal, Pedagogen, Psychologen, Heilpedagogen, Logopeden, Psychomotoriktherapeuten a Psycho-Rehabilitatiounsexperten, Ergotherapeuten, Sozialaarbechter, Infirmieren, Kannerinfirmieren, Educateurs gradués, Erzéier a Membere vum Pool vun den Ersatzléierkräfte bestoen.

D'ESEB ënnersteet engem stellvertredenden Direkter aus der Grondschouldirektioun.

An all Grondschouldirektioun gëtt et eng **Kommissioun fir Inklusioun**. Hir Aufgab ass et, op Ufro vun den Elteren oder dem Léierpersonal respektiv engem Responsable vun der Maison relais – ënner der Bedingung, datt d'Elteren domat averstane sinn – déi fir d'Kand néideg Betreiwung ze definéieren.

An der Kommissioun fir Inklusioun sinn, jee no de Besoinen, Vertrieder vun der Grondschouldirektioun, der Kannerbetreiwung, der ESEB, dem Office national de l'enfance an de psychopedagogesche Kompetenzzentren.

D'Schoulkommissioun vun der Gemeng këmmert sech ëm d'Schoulorganisatioun, d'Ëmsetzung vum Schoulentwécklungsplang, den ausserschoulesche Betreiwungsplang an de Budget vun de Schoulen. Si besteet aus dem Buergermeeschter respektiv deem sengem Vertrieder, de Vertrieder aus dem Gemengerot, de Vertrieder vum Schoulpersonal an den Elteren.

Léieren an Evaluéieren

Och haut nach léiert een an der Grondschoul liesen, schreiwen a rechnen; allerdéngs ass dat hautdesdaags net méi d'Zil u sech, ma d'Basis fir dat weidert Léieren.

Wat een an der Grondschoul léiert, ass d'Grundlag fir déi spéider Ausbildung, egal ob et ëm d'Léiere vun enger Sprooch, d'Erfaasse vun der Welt ronderëm een oder ëm d'Uneegene vun de sozialen Normen an de Reegele vum Zesummeliewe geet.

Duerfir ginn déi noutwenneg Kompetenzen definéiert, déi all Kand an der jeeweileger Etapp vu sengem Schoulparcours muss entwéckelen. Et sinn dës Kompetenzen, déi et dem Kand erméiglechen, e Qualifikationsniveau ze erreechen, deen senge Fäegkeeten an Interessien entsprécht. D' Evaluatioun vun de Kompetenze geschitt aus zweeërlee Grënn: engersäits fir de Schüler a sengem Léierprozess ze guidéieren, him ze weisen, wou e steet, an e bei senge Fortschrëtt z'ënnerstëtzen (formativ Beurteilung); anersäits fir ze bescheinegen, datt en den Niveau (Kompetenzsockel) erreecht huet, fir an den nächsten Zyklus ze kommen (zertifikativ Beurteilung).

Léieren

Den Unterrecht grënnt op de Kompetenzen, d. h. der Fäegkeet vum Kand, seng Kenntnesser ze benotzen, fir zu engem Resultat ze kommen. Et muss säi Wëssen a säin Know-how a konkreten an neie Situatiounen, an der Schoul an am ausserschoulesche Liewen, kënnen aktivéieren. Och wann ee weiderhi Grammaire an d'Einmaleins muss léieren, sou muss d'Zil sinn, datt d'Kanner léieren, hiert Wëssen och anzesetzen. Dës kompetenzbaséiert Approche motivéiert d'Kand, dat esou besser de Sënn hannert deem erkennt, wat et léiert.

D'Kompetenzsockelen, déi um Enn vun all Zyklus mussen erreecht ginn, gi fir all Entwécklungs- a Léierberäich definéiert. Dës Sockele faassen déi Kenntnesser a Kompetenzen zesummen, déi néideg sinn, fir an deen nächsten Zyklus ze wiesselen.

De Léierplang spezifizéiert fir all Entwécklungs- a Léierberäich vun der Grondschoul

- d'Kompetenzsockelen, déi d'Kanner um Enn vun all Léierzyklus mussen erreecht hunn;
- d'Programmer vun de Fächer, déi gehale ginn;
- d'Wochestonnepläng.

Am 1. Zyklus

Dem Kand säi Léierprozess am 1. Zyklus gëtt virun allem als eng sozial Erfahrung betruecht, déi sënnvoll Interaktiounen implizéiert. Ënnerschiddlech Situatiounen erlaben et dem Kand, mat senge Schoulkomeroden an deenen anere Persounen a sengem Ëmfeld ze interagéieren a mat Materialien a Géigestänn ze hantéieren. D'Kompetenzen, déi sech hei erschafft ginn, gehéieren zu dësen Entwécklungs- a Léierberäicher:

- logescht a mathematescht Denken
- Sprooch, d'Lëtzebuurger Sprooch, Sproochopmierksamkeet an Aféierung an déi franséisch Sprooch
- d'Entdeckung vun der Welt mat alle Sënner
- Psychomotorik, Kierperausdrock a Gesondheet
- kreativen Ausdrock, ästhetesch a kulturell Sensibiliséierung
- Zesummeliewen a Wäerter

An den Zyklen 2 bis 4

D'Kompetenzen, déi sech hei erschafft ginn, gehéieren zu dësen Entwécklungs- a Léierberäicher:

- Alphabetiséierung, däitsch, franséisch a Lëtzebuerger Sprooch, Sproochesensibiliséierung
- Mathematik
- Aféierung an d'Wëssenschaften, Human- an Naturwëssenschaften
- Kierperausdrock, Psychomotorik, Sport a Gesondheet
- ästheetesch, kreativ a kulturell Sensibiliséierung, Konscht a Musek
- Zesummeliewen a Wäerter, déi am Cours „Liewen a Gesellschaft“ ([vie et société](#)) vermëttelt ginn.

Differenzéierung

D'Léierpersonal gëtt derzou ugehalen, déi Kanner, bei deene sech éischt Unzeeche vu Problemer manifestéieren, gezielt ze ënnerstëtzen, a begaabte Kanner ze fërderen: Dëst ass d'Ëmsetzung vun der Differenzéierung. Si ass noutwenneg, well d'Schülerpopulatioun ëmmer méi heterogeen gëtt, wat d'Fäegkeeten an d'Wëssen ubelaangt. Dës Differenzéierung dréit zur sozialer Gerechtegkeet bäi.

Evaluéieren

D'Léierpersonal **evaluëiert** reegelméisseg d'Schüler. Verschidde Methode kënnen hei benotzt ginn: Tester, Analys vun de Leeschtungen, Beobachtungen, Prüfungen ...

Während dem Léierzyklus ginn d'Elteren direkt iwwer d'Evaluatiounen an d'Fortschrëtter vun hirem Kand par rapport zu den Ziler, déi sollen erreicht ginn, informéiert: Dräimol d'Joer, um Enn vun all Trimester, hunn si en individuellt Gespréich mam Enseignant.

D'Resultater ginn op zwou verschidde Manéiere festgehalen: am **Tëschebilan** (*bilan intermédiaire*) an am **Ofschlossbilan vum Léierzyklus** (*bilan de fin de cycle*).

Den Bilan intermédiaire

Um Enn vun den dräi Trimestere vun all Schouljoer (virun der Chrëscht-, der Ouschter- an der Sommervakanz), stellt déi pedagogesch Ekipp en Tëschebilan iwwer d'Entwécklung vun de Kompetenzen (**Formativ Bewäertung**) op. Dësen Tëschebilan dokumentéiert d'Léierfortschrëtter par rapport zu den Ziler, déi um Enn vum Zyklus sollen erreicht ginn.

Dëse Bilan ass eng gutt Basis fir dat **individuellt Gespréich** tëscht **den Elteren an dem Enseignant** um Enn vum Trimester:

- Eng Nott evaluëiert d'Leeschtunge vum Schüler während dem Trimester. Aacht Notte si méiglech: A+, A, B+, B, C+, C, D+, D. Am Däitschen, Franséischen, Lëtzebuergeschen an an der Mathematik gëtt et eng Nott fir all eenzelne Kompetenzberäich (z. B. an de Sproochen: Schwätzen, Schreiwen, Liesverständnes, Héierverständnes). An deenen anere Léier- an Entwécklungsberäicher (Aféierung an d'Wëssenschaften ...), gëtt et eng Nott pro Fach.
- An all Léier- an Entwécklungsberäich gëtt d'Matschaffe vum Schüler op enger véierstufeger Skala bewäert (vu „seelen“ / „rarement“ bis „oft“ / „souvent“).
- D'Fortschrëtter vum Schüler par rapport zu de Sockele gëtt pro Kompetenzberäich dokumentéiert (z. B. an de Sproochen: Schreiwen, Schwätzen, Liesverständnes, Héierverständnes).
- Déi wichtegst Kompetenzen an all Beräich sinn op eng verständlech Aart a Weis beschriwwen. Esou kréien d'Elteren e méi kloert an transparent Bild vun de Leeschtungen an de Kompetenzen, déi hiert Kand während dem Zyklus soll entwéckelen.
- Déi transversal Kompetenzen, d. h. déi, déi net un e spezifesche Léier- an Entwécklungsberäich gekoppelt sinn, ginn op enger véierstufeger Skala bewäert (vu „wéineg entwéckelt“ / „peu développées“ bis „gutt entwéckelt“ / „bien développées“)

- Fir all Léier- an Entwécklungsberäich kënnen am Bilan d'Iwwerleeungen, d'Beobachtungen an d'Perspektive festgehale ginn, déi beim Gespréich tëscht den Elteren an dem Enseignant zur Sprooch koumen.

Den Ofschlossbilan vum Léierzyklus

Um Enn vun all Léierzyklus stellt d'pedagogesch Ekipp en Ofschlossbilan fir de ganzen Zyklus op **(Zertifikativ Bewäertung)**. Hei ginn d'Kenntnesser an d'Leeschtunge vum Schüler am Hibleck op säi Wiessel an den nächsten Zyklus zertifizéiert.

Den Tëschebilan an den Ofschlossbilan vum Léierzyklus baséieren op de Kompetenzsockelen, d. h. de Kompetenzen, déi sech de Schüler am Laf vum Zyklus sollt erschaffen.

Iwwergang vun der Grondschoul an d'Sekundarschoul

D'Orientéierungsprozedur (*procédure d'orientation*) fir de Wiessel vun der Grondschoul an d'Sekundarschoul fänkt am **éischte Joer vum Zyklus 4** un. Si bezitt d'Eltere mat an d'Decisioun an. Den Enseignant gëtt hinnen eng éischt Prognos an informéiert si iwwer d'Offer vum *Secondaire classique* a vum *Secondaire général*. Um Enn vum 4. Zyklus huelen d'Eltere mam Enseignant zesummen eng Decisioun, wat den zukünftege Wee vum Kand betrëfft.

D'Roll vun den individuelle Gespréicher

Vum éischte Joer am Zyklus 4 u gesinn sech d'Elteren an den Enseignant um Enn vun all Trimester, fir iwwer den zukünftege Wee vum Schüler ze beroden. Den Enseignant stellt am drëtten Trimester eng **éischt Prognos**. Hien/Si informéiert gläichzäiteg d'Elteren iwwer d'**Offer vum *Secondaire classique* an vum *Secondaire général***, an zwar och déi méi spezifesch Offer: europäesche Léierplang an öffentleche lëtzebuergesche Schoulen, ALLET-Klassen (Däitsch als Friemsprooch), franséischsproocheg Klassen, engleschsproocheg Klassen, däitschsproocheg Klassen, internationale BAC an englescher oder franséischer Sprooch ...

Am Kader vun der Orientéierung sind zwee individuell Gespréicher tëscht dem Enseignant an den Eltere virgesinn. Dat éischt ass am Ufank vum drëtten Trimester vum zweete Joer vum Zyklus 4; hei ass och e Psycholog vum CePAS derbäi, wann d'Elteren dat gefrot hunn. D'Eltere ginn iwwer d'Resultater vun den allgemengen Tester informéiert, iwwer déi schoulesch Leeschtungen (Tëschebilan / Bilan intermédiaire) an d'Resultater vun den Tester, déi de Psycholog, falls noutwenneg, gemaach huet.

Beim nächsten individuelle Gespräch geet et ëm d'**Orientéierung** vum Schüler. D'Elteren an den Enseignant als Verrieder vun der pedagogescher Ekipp huelen an deem Gespräch eng gemeinsam Decisioun, wat den zukünftege Wee vum Schüler betrëfft. Ginn sech déi zwou Parteien net eens, dann deelen den Enseignant an d'Elteren dem President vun der concernéierter Kommissioun dësen Desaccord an engem spezielle Formulaire mat.

Déi gemeinsam Orientéierungsdecisioun

Um Enn vum Zyklus 4 huelen d'Elteren zesumme mat dem Enseignant eng **gemeinsam Decisioun** iwwer déi definitiv Orientéierung vum Schüler. Dës Decisioun baséiert op:

- den Aarbechte vum Schüler, déi am Laf vum 4. Zyklus zesummekomm sinn a seng Léierfortschrëtt wéi och seng Interessien a Wënsch an Ambitiounen dokumentéieren;
- de Resultater vun der Evaluatioun vum Schüler senge Léierfortschrëtt;
- de Resultater vun den *Épreuves communes* (national Schouleschtungstester am Zyklus 4.2), déi vum Ministère op nationalem Plang organiséiert ginn. Si weisen, wou de Schüler mat senge Leeschtungen am Verglach zur nationaler Moyenne steet a wéi sech seng Kompetenzen entwéckelt hu par rapport zum Kompetenzniveau, deem um Enn vun deem Zyklus soll erreicht sinn;
- den Informatiounen, déi de Psycholog gesammelt huet, wann d'Elteren ëm dës Ënnerstëtzung gebieden hunn.

Am Fall vun engem Desaccord

Wann sech d'Elteren an den Enseignant net eens sinn, gëtt eng **Orientéierungskommissioun** aberuff, fir zu enger Decisioun ze kommen. De Virsëtz huet den Direkter vun der Grondschoul; d'Kommissioun setzt sech zesummen aus engem Enseignant aus dem 4. Zyklus, engem Professor aus dem *Secondaire classique*, engem Professor oder enger anerer Léierkraaft aus dem *Secondaire général* an engem Psycholog vum CePAS (**Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires**). D'Eltere

vum Schüler, den Enseignant vum Schüler an de Psycholog (falls d'Elteren een ugefrot hunn) ginn an d'Kommissioun invitéiert.

D'Aschreiwung am Lycée

Déi heiten Dokumenter gi gebraucht fir d'Aschreiwung am Lycée:

- eng Kopie vum Ofschlossbilan vum 4. Zyklus (*bilan de fin de cycle*)
- e korrekt ausgefällten Aschreiwungsformulaire
- eng Kopie vun der Orientéierungsdecisioun (*décision d'orientation*)
- e rezent Passbild vum Schüler

Den Aschreiwungszeitraum geet vun Enn Juni bis Ufank Juli.

Schoul an Elteren als Partner

D'Zesummenaarbecht tëscht den Elteren an der Schoul ass mat dat Wichtigst fir en erfollegräiche Parcours vum Schüler.

Den Enseignant organiséiert reegelméisseg Informatiounsreuniounen a Bespriechunge fir d'Eltere vum de Schüler, wou et virop ëm d'Ziler vum jeeweilegen Zyklus geet, d' Evaluatioun vum de Leeschtungen an d'Organisatioun vum der Klass, déi de Schüler besicht.

Den Enseignant rífft d'Elteren um Enn vum Trimester, fir se iwwer d'Léierfortschrëttler vum hirem Kand ze informéieren. D'Eltere si gebieden, dësen Opfuerderunge vu Säite vum der Schoul fir déi dräi Gesprécher d'Joer nozekommen (cf. S. [Evaluéieren](#)).

Verriedung

All dräi Joer wíelen d'Eltere vum de Schoulkanner an all Schoul op d'mannst zwee Eltereverrieder. De Schoulcomité an d'Eltereverrieder gesi sech op d'mannst dräimol d'Joer, fir iwwer d'Propos fir d'Schoulorganisatioun wéi och den [Entwécklungsplang vum der Schoul](#) ze schwätzen, déi alle béid vum Schoulcomité ausgeschafft goufen.

D'Eltere sinn och verrieden

- an der [nationaler Eltereverriedung](#) (*Représentation nationale des parents*). Si bezitt all d'Schoulforme mat an a stellt eng demokratesch gewielte Verriedung duer, déi als Porte-parole vum den Eltere fungéiert an eng berodend Funktioun vis-à-vis vum Educatiounsministère huet;
- an der Schoulkommissioun vum der Gemeng (*Commission scolaire communale*). Hei kënt et op kommunalem Plang zur Zesummenaarbecht tëschent de Verrieder vum der Gemeng, dem Schoulpersonal an den Elteren;
- an der nationaler Schoulkommissioun (*Commission scolaire nationale*). Si ënnerbreet dem Minister Proposen zu de Reformen, de Fuerschungsthemen, der Offer an der Weiderbildung an de Verbesserungen, déi si fir néideg hält. Déi zwee Eltereverrieder vum dëser Schoulkommissioun gi vum Minister genannt op Virschlag vum der repräsentativer Organisatioun vum den Elterevereenegungen (*organisation représentative des associations des parents d'élèves*).

D'[FAPEL](#), d'Fédération des associations de parents d'élèves du Luxembourg – ass op nationalem Plang als representativ Organisatioun vum den Elterevereenegungen unerkannt.

Schoulpersonal

Fir d'Personalverwaltung an de Recrutement ass de Staat zoustänneg.

D'Personal vun de Grondschoulen, Fonctionnaires oder Employés d'Etat, ënnersteet dem Minister. Zum Personal gehéieren ë. a. d'Léierpersonal, d'Pedagogen, d'Erzéier (Educateurs gradués). Wann néideg, kënnen och Membere vun den Ersatzléierkräften derzougehéieren. Dëst Ersatzpersonal besteet aus Enseignanten a Chargé-de-coursen. D'Ersatzléierkräfte sprange fir Enseignanten, déi zäitweilig feelen, an oder iwwerhuelen e Posten, deen net besat konnt ginn.

D'Surveillance vun de Grondschoule gëtt vun den [Direktore vun de fofzëng Direktiounen vun de Grondschoulen](#) assuréiert.

Déi nächst Säite beschreiwen den Zougang zur Carrière vum Enseignant fir d'Grondschoul an zu den temporär vakante Posten.

Recrutement vun Enseignant-Fonctionnaires

Den Unterrecht an der Grondschoul gëtt am Prinzip vu Enseignanten assuréiert, déi de Stage, deen op de Beruff vum Enseignant virbereet, erfollegräich ofgeschloss hunn. Dee Stage dauert maximal dräi Joer.

D'Enseignante ginn an d'Carrière A2 vum Enseignement agestuft. De Recrutement leeft iwwer e Concours, dee vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse organiséert gëtt.

En Enseignant an der Grondschoul kann an enger Grondschoul ënnerriichten, an de beruffsvirbereedende Klasse vum *Secondaire général (voie de préparation)*, an de Kompetenzzentren an an anere spezialiséierten Institutiounen.

Wéi eng Konditiounen mussen erfëllt sinn, fir Enseignant an der Grondschoul ze ginn?

Wie gär Enseignant, dh. Schoulmeeschter oder Léierin, wëll ginn, muss:

1. en Diplom vun enger Héichschoul hunn, dee vum Ministère fir Héichschoul a Fuerschung unerkant ass an dee si berechtigt, am 1. Zyklus, an den Zyklen 2 – 4 oder an alle véier Zyklen vun der Grondschoul Schoul ze halen;
2. d'Virbereedend Prüfung (*épreuve préliminaire*) fir de Concours bestoen;
3. sech fir op d'mannst eng vun den zwou Optiounen am Concours qualifizéieren;
4. de Stage packen, deen op de Beruff vum Enseignant virbereet.

Ad 1) En unerkantem Diplom hunn

Fir zum Concours zougelooss ze ginn, muss de Kandidat ee vun dësen Diplomer hunn:

1. e Bachelor an Erziehungswissenschaften (*bachelor professionnel en sciences de l'éducation*) vun der Universitéit Lëtzebuerg;
2. en auslänneschen Héichschouldiplom, deen op de Beruff vum Enseignant virbereet a konform ass mat de Bestëmmunge vun den EU-Richtlinien iwwer d'Unerkennung vun de beruffleche Qualifikatiounen;
3. en auslänneschen Héichschouldiplom, deen op de Beruff vum Enseignant virbereet a vun enger Institutioun aus engem Net-EU-Land ausgestallt ass, a vun deem Ministère hei am Land unerkant ass, dee fir d'Héichschoulbildung zoustänneg ass;
4. e Bachelor-Diplom mat Bezuch zu den Ziler vun der Grondschoul, wéi se am Kapitel 1, Abschnitt 3, Artikelen 6 a 7 vum geännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Organisatioun

vun der Grondschoul definéiert sinn, oder awer e gläichwäertegen Diplom an déi vum Gesetz virgesinne praktesch Ausbildung erfollegräich ofgeschloss hunn.

Fir zum Stage zougeloss ze ginn, mussen d'Kandidaten noweisen, datt hiren Héichschoulofgeschloss am Diplom- an Titelregister (*Registre des titres d'enseignement supérieur*) agedroen ass. En Héichschouldiplom aus engem Benelux-Land gëtt automatesch an den Diplom- an Titelregister opgeholl.

Ad 2) D'Virbereedend Prüfung fir de Concours bestanen hunn

Am Virfeld vum Concours mussen d'Kandidaten eng Virbereedend Prüfung maachen.

An dëse Virbereedende Prüfungen ginn d'Kenntnesser vun de Kandidaten an deenen dräi Sprooche vum Land getest: Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch. Dës Tester mussen gepackt ginn.

Déi Kandidaten, déi ee vun de Sproochentester am Mëndlechen oder Schrëftlechen net packen, mussen déi mëndlech oder schrëftlech Prüfung an dëser Sprooch zu engem spéidere Prüfungstermin widderhuelen.

Déi Kandidaten, déi ee vun den Diplomer hunn, déi ënner de Punkten 1 – 3 vun der viregter Rubrik genannt sinn, déi Kandidaten, déi dat éischt Joer gepackt hu vun enger Formatioun, déi zu engem vun dësen Diplomer féiert, wéi och déijeeng, déi e Bachelor-Diplom hunn, deen e Bezuch huet zu den Ziler vun der Grondschoul, wéi se am Kapitel 1, Abschnitt 3, Artikele 6 a 7 vum geännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Organisatioun vun der Grondschoul definéiert sinn, oder awer e gläichwäertegen Diplom hunn an déi vum Art. 20bis virgesinne praktesch Ausbildung am Gaang sinn ze maachen, kënnen sech fir d'e umellen.

De Minister kann déi Kandidate vun der Prüfung am Lëtzebuergesche fräistellen, déi nowise kënnen, datt si während op d'mannst zéng Joren eng öffentlech oder privat Schoul besicht hunn, déi de Lëtzebuergesche Schoulprogramm applizéiert.

D'Virbereedend Prüfungen ginn zweemol d'Joer organiséiert, an der Allerhellegevakanz an an der Ouschtervakanz.

Déi Kandidaten, déi d'Virbereedend Prüfung net gepackt hunn, awer en unerkannten Diplom hunn, hunn d'Méiglechkeet, eng praktesch Ausbildung vun am Ganzen 116 Stonnen ze maachen, wou se hir Sproochkenntnesser am Franséischen oder Däitschen – jee no hirem Resultat an der Virbereedend Prüfung – kënnen verbessern, ënner der Konditioun, datt hir Bewerbung vun der Kommissioun fir de Recrutement zeréckbehale gouf.

Ad 3) Sech fir op d'mannst eng vun den zwou Optiounen am Concours qualifizéieren

De Concours, deen den Zougang zum Beruff vum Enseignant an der Grondschoul reegelt, ëmfaasst zwou Optiounen: eng Optioun „C1“ an eng Optioun „C2–C4“.

Offhängeg vum Diplom, deen d'Kandidaten hunn, kënnen se sech beim Concours fir eng oder och déi zwou Optiounen aschreiwen:

1. Déi Kandidaten, déi e Bachelor oder en equivalenten Diplom an Erziehungswissenschaften vun 240 ECTS vun der Universitéit Lëtzebuerg oder enger vum Staat unerkannter auslännescher Héichschoul hunn, kënnen un enger oder awer deenen zwou Optiounen vum Concours deel huelen.
2. Déi Kandidaten, déi en auslänneschen Héichschouldiplom hunn, deen op d'Fonction vum Enseignant virbereet, an déi berechtegt sinn, am 1. Zyklus vun der Grondschoul z'enseignéieren, kënnen sech fir d'Optioun „C1“ vum Concours aschreiwen.
3. Déi Kandidaten, déi en auslänneschen Héichschouldiplom hunn, deen op de Beruff vum Enseignant an der Grondschoul virbereet, an déi berechtegt sinn, am 2., 3. a 4. Zyklus vun der Grondschoul z'enseignéieren, souwéi déi Kandidaten, déi e Bachelor-Diplom hunn, deen e Bezuch huet zu den Ziler vun der Grondschoul, wéi se am Kapitel 1, Abschnitt 3, Artikele 6 a 7 vum geännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Organisatioun vun der Grondschoul definéiert sinn, oder awer e gläichwäertegen Diplom hunn an déi vum Gesetz virgesinne praktesch Ausbildung erfollegräich ofgeschloss hunn, kënnen bei der Optioun „C2–C4“ vum Concours matmaachen.

Déi Kandidaten, déi sech fir d'Optioun „C1“ qualifizéiert hunn, sinn zum Stage zougelooss, deen op den Enseignement am 1. Zyklus virbereet, während déi Kandidaten, déi sech fir d'Optioun „C2–C4“ qualifizéiert hunn, zum Stage zougelooss sinn, deen op de Beruff vum Enseignant am 2., 3. a 4. Zyklus virbereet. Déi Kandidaten, déi bei den zwou Optiounen vum Concours matgemaach hunn, mussen hir Präferenz uginn – déi net méi réckgängeg ze maachen ass –, ier d'Klassement publizéiert gëtt.

Déi Kandidaten, déi sech qualifizéieren konnten an enger vun den zwou Optiounen vum Concours, mussen déi hei ënnendrënner opgezielten Dokumenter hunn, fir zum Stage zougelooss ze ginn (de Stage fänkt den 1. September un):

- en Zertifikat iwwer eng 1.-Hëllef-Grondausbildung
- e Brevet als Junior-Rettungsschwëmmer (Brevet Junior Life Saver)
- ee vum Ministère unerkannten Zertifikat iwwer Aktivitéiten an der Betreuung vu Kanner/Jugendlecher vun dräi bis uechtzéng Joer vun op d'mannst achtzeg Stonnen, déi am schouleschen oder ausserschoulesche Beräich gehale goufen, bezuelt oder och net bezuelt waren, zu Lëtzebuerg oder am Ausland vun enger privater Organisatioun oder enger ëffentlecher Institutioun organiséiert goufen.

Kandidate mat enger kierperlecher Behënnerung, déi et hinnen net erlaabt, den Zertifikat resp. Brevet ënner Punkt 1 resp. 2 ze kréien, kënnen vum Minister fräigestallt ginn.

Ad 4) De Stage packen, deen op de Beruff vum Enseignant virbereet an dozou berechtigt, am 1. Zyklus oder am 2. – 4. Zyklus z'enseignéieren

Déi Kandidaten, déi als Enseignant wëllen am 1. Zyklus resp. an den Zyklen 2 – 4 enseignéieren, mussen e Stage maache vu maximal dräi Joer, an Iwwereestëmmung mat de Statutte vun der Fonction publique.

Ënner Berücksichtigung vun de gesetzleche Bestëmmungen iwwer d'Verkierzung vum der Dauer vum Stage, déi 2015 a Kraaft getruede sinn, kënnen déi Kandidaten, déi sech am Concours qualifizéiert hunn, vun engem verkierzte Stage profitéieren, wann se eng vun dëse Konditiounen erfëllen:

- ❖ Déi Kandidaten, déi praktesch Stagë vun am Ganzen zwanzeg Woche bannent enger Grondausbildung vu véier Joer gemaach hunn, kënnen eng Reduzéierung vun engem Joer vun hirem Stage a Fräistellungen am Kader vum Stage accordéiert kréien.
- ❖ Déi Kandidaten, déi e Bachelor-Diplom hunn, deen e Bezuch huet zu engem vun den Ziler vun der Grondschoul, wéi se am Kapitel 1, Abschnitt 3, Artikelen 6 a 7 vum geännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Organisatioun vun der Grondschoul definéiert sinn, oder e gläichwäertegen Diplom hunn an déi am Art. 20bis virgesinne praktesch Ausbildung mat Erfolleg ofgeschloss hunn, kënnen eng Reduzéierung vun engem Joer vun hirem Stage a Fräistellungen am Kader vum Stage accordéiert kréien.
- ❖ Kandidaten, déi Beruffserfahrung am Beräich vum Enseignement als Member vum Pool vun den Ersatzléierkräften hunn, kënnen pro zwielef Méint, déi se Vollzäit geschafft hunn, eng Reduzéierung vum Stage vu véier Méint accordéiert kréien. D'Dauer vum Stage ka maximal op zwee Joer reduzéiert ginn.

De Stage besteet aus dräi Deeler:

1. een Deel „allgemeng Bildung“ (Legislatioun, Pedagogik, Didaktik),
2. een Deel „Ausbildung an der berufflecher Praxis“ (Begleedung vun engem pedagogesch e Beroder, Begleedung vun engem Enseignant an d'Klassen ...)
3. een Deel reng berufflech Praxis am zougewiesene Schoulgebai.

Nom bestanene Stage ginn d'Enseignantë vum Staat ernannt a gehéieren zum nationale Corps vum Léierpersonal, deen dem Erziehungsminister ënnersteet. Si gi vum Minister enger Gemeng, enger regionaler Direktioun oder enger staatlecher Schoul oder Klass op Basis vun der leschter Leeschtungsevaluatioun an dem Kandidat senge Präferenzen zougedeelt.

Aschreiwung fir d'Virbereedend Prüfung

Dokumenter, déi per Post anzeschécke sinn:

Nëmmen, wann et déi éischt Umeldung fir d'Virbereedend Prüfung ass:

- eng Kopie vum Ofschlossdiplom vum classeschen oder technesche Secondaire hei aus dem Land oder awer engem auslänneschen Diplom, dee vum Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse als equivalent unerkannt ass;
- just am Fall vun engem auslänneschen Diplom, dee vum MENJE als gläichwäerteg mat engem Ofschlossdiplom vum classeschen oder technesche Secondaire unerkannt gouf: eng Kopie vum Zertifikat, deen dës Unerkennung bestätegt (Equivalenz):

Den Zertifikat fir d'Unerkennung vum Diplom kann hei ugefrot ginn:

Service de la reconnaissance des diplômés
18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg

Tel.: (+352) 247-85910

E-Mail: reconnaissance@men.lu

Dir braucht:

- eng Kopie vun deene verschiddene Schouljore vum Prescolaire an dem Primaire, ausgestellt vun der jeeweileger Gemeng/de jeeweilege Gemengen;
- eng Kopie vum Zertifikat, dee bescheinegt, datt Dir en op d'mannst dräijäregt Héichschoulstudium, dat op de Beruff vum Enseignant virbereet, erfollegräich ofgeschloss hutt **ODER**
- eng Kopie vun der Bescheinegung, datt Dir dat éischt Studiejoer, dat zum Diplom als Enseignant féiert, erfollegräich ofgeschloss hutt **ODER**
- eng Kopie vum/vun den Diplom/er, deen/déi eng vum Staat anerkannten Héichschoul ausgestellt huet an dee bestätegt/déi bestätegen, datt Dir e Bachelorstudiegang ofgeschloss hutt, deen e Besuch huet zu engem vun den Ziler vun der Grondschoul, wéi se am Kapitel 1, Abschnitt 3 vum geännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Organisatioun vun der Grondschoul definéiert sinn, oder e gläichwäertegen Diplom hutt.

Schéckt eis virum 28. Februar 2019, am beschte per recommandé, e Pabeierexemplar vun dësen Dokumenter a gitt Är Identifikatiounsnummer op all Dokument un (Matrikelnummer von der Sécurité sociale):

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Service de l'enseignement fondamental
Epreuves préliminaires EF
29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg

[OPGEPASST: Vergiesst net, lech online anzeschreiw wgl.](#)

Organisatioun vum Concours, deen den Zougang reegelt zu de Stagen, déi op de Beruff vum Enseignant virbereeden

D'Aschreiwungsmodalitéite fir d'Sessioun 2020 vum Concours, deen den Zougang reegelt zu de Stagen, déi op de Beruff vum Enseignant virbereeden, ginn Enn Abrëll 2019 an dëser Rubrik publizéiert.

Recrutement vun Titulairë vun engem Bachelor mat Bezuch zu den Ziler vun der Grondschoul

Fir de Concours, deen d'Zuloossung reegelt zum Stage, deen ee muss maachen, fir kënnen Enseignant ze ginn, kënnen sech all déi aschreiwelen, déi e Bachelorstudiegang mat Bezuch zu engem vun den Ziler vun der Grondschoul an eng vum Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) proposéiert praktesch Schulung erfollegräich ofgeschloss hunn.

D'Astellungsverfahre fir Titulairë vun engem Bachelor mat Bezuch zu den Ziler vun der Grondschoul ka bis September 2023 bäibehale ginn, ënner der Konditioun, datt manner Kandidate fir de Concours ageschriwwe sinn, wéi et Posten ze besetze gëtt.

D'Kandidaten, déi op Basis vun hirem Dossier vun der Recrutementskommissioun selektionéiert ginn, ginn als Chargé de cours an der Loun- a Gehaltsklass A2 (CDI – Kontrakt op onbestëmten Dauer) agestallt an huelen am éischten Déngschtjoer un enger **theoretischer a praktescher Formatioun vun 216 Stonnen** deel, déi vum Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) offréiert gëtt. Si kréien am éischten Déngschtjoer eng Decharge vu véier Stonnen d'Woch, fir dës Formatioun kënnen ze maachen.

Hunn se déi theoretisch a praktesch Formatioune gepackt, kënnen d'Kandidate sech fir **d'Optioun „C2–4“ vum Concours** presentéieren, soudatt se ënner den nämmelechte Konditiounen zum Stage zougelooss sinn ewéi déi Kandidaten, déi e Bachelor an Erziehungswissenschaften hunn (Virbereedend Prüfung, qualifizéiert Resultat ...). Wann si gutt genuch am Concours ofschléissen, da kënnen Chargé-de-coursen de Statut vum Fonctionnaire-Stagiaire kréien.

Zilsetzunge vun der Grondschoul

D'Ziler vum Enseignement fondamental sinn am Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Organisatioun vun der Grondschoul folgendermoossen definéiert:

D'Grondschoul soll de Schüler hëllef, no an no folgendes ze entwéckelen:

- Kenntneser a Kompetenzen an de Sproochen, der Mathematik an de Wëssenschaften,
- intellektuell, emotional a sozial Kompetenzen souwéi Uerteelsverméigen,
- d'Notioun vu Raum an Zäit an d'Verständnes an de Respekt fir d'Ëmwelt duerch Observatioun an Experimentéieren,
- motoresch Geschéckerlechkeet souwéi physisch a sportlech Fäegkeeten,
- handwierklech, gestalteresch, künstleresch Fäegkeeten,
- Biergerschaft, Verantwortlechkeetsgefühl an de Respekt virun deenen aneren,

fir datt si an der Lag sinn, hir Schoulcarrière weiderzeverfollegen an hiert Liewe laang ze léieren.

Zilgrupp

Déi Kandidaten, déi eng vun de Bedingungen erfüllen, déi hei ënnendrenner genannt ginn, kënnen eng praktesch Ausbildung, déi vum Institut de formation de l'éducation nationale ugebuede gëtt, maachen a vum 1. September 2019 un **op onbestëmten Dauer** als Employé de l'Etat an der Loun- a Gehaltsstuf A2 engagéiert ginn. Si mussen

- en Diplom hunn, dee vun enger vum Staat unerkannter Héichschoul ausgestellt gouf a bescheinigt, datt de Kandidat mat Erfolleg e **Bachelor-Studium mat Bezuch zu den Ziler vun der Grondschoul**, wéi se am Kapitel 1, Abschnitt 3 vum geännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Organisatioun vun der Grondschoul beschriwwe sinn, ofgeschloss huet, oder e gläichwäertegen Ofschloss hunn oder
- en **Diplom iwwer Héichschulstudien** hunn, **déi op de Beruff vum Enseignant virbereeden, an d'Sproochekonditiounen erfüllen**, fir zum Concours zougelooss ze ginn oder

- en **Diplom iwwer Héichschoulstudien** hunn, **déi op de Beruff vum Enseignant virbereeden, an d'Virbereedend Prüfung fir de Concours nach net bestanen** hunn.

Recrutementsprozedur

D'Astellungsverfahre fir Titulairë vun engem Bachelor mat Bezuch zu engem vun den Ziler vun der Grondschoul ka bis September 2023 bäibehale ginn, ënner der Konditioun, datt manner Kandidate fir de Concours ageschriwwe sinn, wéi et Posten ze besetze gëtt.

Am Kader vum Schouljoer 2019/2020 kënnen déi interesséiert Kandidaten, déi eng vun de Bedingungen erfëllen fir engagéiert ze ginn, hiren Dossier fir d'Kandidatur vum 13 bis 24 Juni 2019 ausfëllen. D'Aschreiwungsmodalitéite sinn hei ënnen drënner opgelëscht.

Informatiounsversammlung

Eng Informatiounsversammlung iwwer den Oflaf vum Recrutement, d'Formatioune vum IFEN an d'Konditiounen, fir Enseignant ze ginn, gëtt deemnächst organiséiert. Wann Dir eng Invitatioun zu dëser Versammlung wëllt geschéckt kréien, dann deelt dëst dem Service de l'enseignement fondamental per E-Mail u recrutement.ef@men.lu mat.

En Dossier fir d'Kandidatur eraginn

Déi éischt Opfuerderung, fir eng Bewerbung anzereechen, gëtt um Site www.men.lu Ufank Juni publizéiert. Fir eng Bewerbung eranzeginn, muss préalablement een [online Formulaire](#) ausgefëllt ginn.

Zousätzlech zum [Formulaire](#) müssen d'Kandidaten dës Bewerbungsennerlagen un den MENJE schécken:

- e Begleetschreiwes mat der Motivatioun,
- e Lieweslaf (curriculum vitae),
- eng Kopie vum Lëtzebuerger Secondairesdiplom (Diplôme de fin d'études secondaires / secondaires techniques) oder engem unerkannte gläichwäertegen Diplom,
- eng Kopie vum Diplom vun enger vun Staat unerkannter Héichschoul, déi bescheinigt, datt de Kandidat mat Erfolleg e Bachelorstudium mat Bezuch zu den Ziler vun der Grondschoul, wéi se am Kapitel 1, Abschnitt 3 vum geännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwer d'Organisatioun vun der Grondschoul beschriwwe sinn, ofgeschloss huet oder e gläichwäertegen Ofschloss huet, deem am Register vun den Héichschouldiplomer agedroen ass, wéi et vum geännerte Gesetz vum 17. Juni 1963 iwwer de Schutz vun den Héichschouldiplomer virgesinn ass (Am Aklang mat der Decisioun vum 18. Mee 2015 vum Benelux-Ministercomité iwwer déi géigesäiteg automatesch Unerkennung vun den Héichschouldiplome gëtt en Héichschouldiplom, deem an engem vun de Benelux-Länner ausgestallt gouf, automatesch an de Registre des titres d'enseignement supérieur opgeholl.),
- en Extrait aus dem Casier judiciaire (Bulletins N°3 a N°5), dee maximal 30 Deeg al däerf sinn.

Den Dossier fir d'Kandidatur kann op déi folgend Adress geschéckt ginn:

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Service de l'enseignement fondamental – Bureau 206
29, rue Aldringen
L-1118 Luxembourg

Eng Kontaktpersoun a weider Informatiounen zu de Modalitéiten, déi beim Areche vun der Kandidatur mussen berücksichtegt ginn, ginn um Ufank vum Recrutement an dëser Rubrik matgedeelt.

Fir all weider Renseignementer kënnen d'Kandidaten awer elo schonn de Service de l'enseignement fondamental kontaktéieren, an zwar iwwer eng E-Mail un d'Adress: recrutement.ef@men.lu.

Remarken

Interesséiert Kandidaten, déi hire Bachelordiplom mat Bezuch zu engem vun den Ziler vun der Grondschoul eréischt no deem Datum, deen an der Bewerbungsfrist uginn ass, kréien, kënnen trotzdeem hir Kandiatur stellen. Si mussen d'Aart vum Ofschloss, deen se am Gaang sinn ze maachen, genee uginn an den Diplom resp. eng Bestätegung, datt se hire Studium mat Erfolleg ofgeschloss hunn, esou séier wéi méiglech norechen.

Beruffsaussichten

D'Kandidaten, déi vun der Recrutementskommissioun zeréckbehale goufen, gi vum Schouljoer 2019–2020 un **op onbestëmten Dauer** als Employé de l'Etat an der Loun- a Gehaltsstuf A2 (**Carrière supérieure beim Staat als Employé mat Niveau Bachelor**) engagéiert. Op Basis vun der **Lëscht vun de vakante Poste fir Enseignant** ginn se vum Minister enger Direktioun vun der Grondschoul, oder, fir ee Schouljoer, enger Gemeng, enger staatlecher Schoul oder Klass zougedeeelt, fir e fräie Posten ze bekleeden.

Wann si déi beruffsbegleedend theoretesch a praktesch Formatioune packen, kënnen si sech fir d'Optioun „C2–4“ vum Concours umellen. Chargé-de-coursen, déi sech am Concours qualifizéieren an zum Stage zougelooss ginn, hunn esou d'Méiglechkeet, de **Statut vum Fonctionnaire-Stagiaire** ze kréien.

Aarbechtspensum

D'Kandidaten, déi fir de Pool vun den Ersatzléierkräfte recrutéiert goufen, hu 24 Stonnen direkten **Unterrecht pro Woch** an den Zyklen 2–4. Zum direkten Unterrecht gehéiert d'Hale vum Cours, d'Virbereedung vun den eenzelne Stonnen, d'Verbesserung vun den Hausaufgaben, d'Dokumentatioun an d'Evaluatioun vun de Fortschrëttler vun de Schüler an d'Deelhuelen un de Bespreechungen.

D'Chargé-de-coursen, déi déi ganz theoretesch Formatioun maachen, kréien eng Decharge vu véier Schoulstonnen d'Woch an hirem éischten Déngschtjoer. Wann eng Fräistellung accordéiert gouf, gëtt d'Decharge, déi de Chargé de cours krut, proportional zum Volume vun der accordéierter Fräistellung verringert.

Op Basis vun der **Lëscht vun de vakante Poste fir Enseignantë** ginn se vum Minister fir ee Schouljoer enger Direktioun vun der Grondschoul oder enger Gemeng, enger staatlecher Schoul oder Klass zougedeeelt, fir do e fräie Posten ze besetzen.

Fir e gudden Oflaf vun der Stagezäit z'assuréieren, ginn déi nei Membere vum Pool vun den Ersatzléierkräften, déi e Bachelor hu mat Bezuch zu engem vun den Ziler vun der Grondschoul an un der beruffsbegleedender Formatioun um IFEN deelhuelen, exklusiv an de **Klasse vun den Zyklen 2 – 4 agesat**. Déi weider Demarche kréien d'Kandidaten, déi vun der Recrutementskommissioun zeréckbehale goufen, fir sech fir e Poste vun der Lëscht 2 ze bewerben, an engem Dokument matgedeelt, datt si mat der Decisioun vun der Recrutementskommissioun kréien.

Si **maachen eng theoretesch a praktesch beruffsbegleedend Ausbildung** vun 216 Stonnen, fir um Concours kënnen deelhuelen (**Carrière supérieure beim Staat als Fonctionnaire mat Niveau Bachelor**).

Formatiounen

Formatiounsméiglechkeeten nom Profil vum Kandidat

- ❖ Kandidate mat engem Bachelorofschoss mat Bezuch zu engem vun den Ziler vun der Grondschoul maachen eng theoretesch Formatioun vun 246 Stonnen, déi sech aus dëse Modüller zesummesetzt:
- ❖ e Module allgemeng Pedagogik a Kannerpsychologie (50 Stonnen)
- ❖ verschidde Modüller, déi sech op d'Theorien an déi grondsätzlech Konzepter vum Léieren an dem Schoulhalen souwéi op d'Ziler vun der Grondschoul mat hiren Entwécklungs- a Léierberäicher bezéien (am Ganzen 166 Stonnen).

De Kandidat, deen dës Formatioun gemaach a mat Erfolleg ofgeschloss huet, ka sech fir de Concours umellen (Optioun „C2–C4“).

- ❖ Grondschoul maachen eng theoretesch Formatioun vun 246 Stonnen, déi sech aus dëse Modüllen zesummesetzt:
- ❖ e Module allgemeng Pedagogik a Kannerpsychologie (50 Stonnen)
- ❖ verschidde Modüllen, déi sech op d'Theorien an déi grondsätzlech Konzepter vum Léieren an dem Schoulhalen souwéi op d'Ziler vun der Grondschoul mat hiren Entwécklungs- a Léierberäicher bezéien (am Ganzen 166 Stonnen).

Eng Fräistellung vun engem oder méi Modülle vun der theoretescher Formatioun kann dem Chargé de cours vum Minister accordéiert ginn, jee no ursprüngelecher Ausbildung an/oder der Reussite an der Virbierendender Prüfung.

Zäitplang fir déi theoretesch Formatioun

Während dem Schouljoer 2019/2020 brauchen déi Chargé-de-coursen, déi déi integral theoretesch Formatioun maachen, mëttwochs keng Schoul ze halen, dëst op Basis vun der accordéierter Decharge. Déi meescht vun hire Schulunge si mëttwochs mueres an nomëttes; just eenzelner falen op den Dënschdeg- oder Donneschdegnomëtteg.

Fir d'Chargé-de-coursen, déi fräigestallt sinn, falen d'Schulungen am Schouljoer 2019/2020 op een oder zwee Nomëtteger (Dënschdeg, Mëttwoch, Donneschdeg) d'Woch an zum Deel op samschdes mueres oder mëttes.

Eng praktesch Formatioun

D'Verknëppung vun der theoretescher Formatioun mat der berufflecher Praxis gëtt hiergestallt, andeems de Kandidat eng Referenzpersoun an där hir Klass begleet an do den Unterrecht opmierksam verfollegt.

Evaluatioun vun den theoreteschen a prakteschen Formatiounen

Déi theoretesch Formatioun gëtt a véier schrëftlechen Aarbechte evaluéiert, déi d'Virbereedung, d'Duerchféierung, d'Evaluatioun an déi reflexiv Analys vu véier Lektionen a verschiddene Léierberäicher dokumentéieren.

Fir d'Evaluatioun vun der praktescher Formatioun kënnt eng Inspektioun an d'Klass vum Chargé de cours; si besteet aus engem Grondschouldirekter an der Referenzpersoun vum Chargé de cours. D'Inspektioun ëmfaasst d'Observatiounen an der Klass, d'Virbereedung vun der Lektioon an en Entretien, deen sech aus den Observatiounen ergëtt.

De Chargé de cours huet d'Formatioun gepackt, wann hien op d'mannst d'Hallschent vun de Punkte bei den Tester vun der theoretescher Formatioun an op d'mannst d'Hallschent vun de Punkte bei der praktescher Prüfung kritt huet. Wann de Chargé de cours d'Formatioun net packt, kann e sech fir eng zweet Sessioun presentéieren an d'Formatiounen an d'Tester eng zweete Kéier maachen.

Méiglech Fräistellungen

Eng Dispens vum Sproochemodule vun 116 Stonne ka vum Minister accordéiert ginn, wann den Employé d'Virbereedend Prüfung an de Sprooche gepackt huet.

Eng Fräistellung vun den anere Modülle vun der theoreetescher Formatioun an de jeeweilegen Tester ka vum Minister accordéiert ginn, wann de Chargé de cours eng Formatioun gemaach huet, déi op de Contenu vun engem oder méi Coursë vun der theoreetescher Formatioun ausgeriicht ass.

Wann eng Dispens accordéiert gëtt, gëtt d'Decharge, déi de Chargé de cours normalerweis kréich, proportional zum Volume vun der accordéierter Fräistellung verréngert.

De Formatiounszyklus um Ufank vun der Carrière vum Employé

Zousätzlech zu de Formatiounen, déi hei uewendriwwer erkläert goufen, maachen d'Employéen an hirem zweeten Déngschtjoer eng Formatioun vun 30 Stonnen. Dës Formatioun gehéiert zum Formatiounszyklus vum Ufank vun der Carrière vum Employé de l'État.

Recrutement vun de Remplaçants temporaires

Version luxembourgeoise en cours de traduction.

<http://www.men.public.lu/fr/fondamental/personnel-ecoles/recrutement-remplacants-temporaires/index.html>